



Sensibilité politique  
Boîte postale 83  
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/01/2020

Här President,

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

An der Route de Remich (Nationalstrooss 2) zu Moutfort si säit iwver dräi Joer verschidde Stroossenaarbechten duerchgefouert ginn. Op dëser Strooss fueren – den Zielunge vun den Awunner no – all Dag bis zu 12500 Autoen an 200 Camionen.

Well de Belag vun dëser Haaptstrooss trotz de villen Aarbechte bis elo ni eenheetlech frësch gemaach gouf, hunn sech eng ganz Rëtsch Onebenheeten am Belag gebild, déi zu erhieflechem Kaméidi a Vibratioune féieren, wann Autoen driwwer fueren. Op Videoe vun Awunner ass souguer ze gesinn, wéi beim Passage vu méi schwéiere Gefierer ganz Haiser zum wackele kommen, esou dass Schied u Gebaier net ausgeschloss kënne ginn.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister d'Situatioun vum Schantjen an der Route de Remich zu Moutfort retracéieren an erklären, firwat de Schantjen elo bal 4 Joer undauert?  
  
Firwat gouf an deene 4 Joer net zumindest eng Partie vum Belag geriicht?
2. Huet de Minister Kenntnis dovunner, dass Awunner aus der Moutforter Gemeng ee Bréif u Ponts et Chaussées geschriwen hunn, an dem si op d'Vibratioune, déi duerch den Transitverkéier entstinn, opmierksam maachen?  
Wéi ass ee säitens dem Ministère op d'Ufroe vun den Awunner agaangen?
3. Firwat ass fir d'Dauer vun de Stroossenaarbechte keng Vitesslimitatioun vun 30km/h agefouert ginn?
4. Gëtt bei laang undauernde Stroossenaarbechte probéiert d'Beanträchtegung vun der Liewensqualitéit vun den Awunner ze miniméieren?
  - o Falls jo, wéi eng Mesurë gi geholl?
  - o Falls nee, firwat hält de Minister dëst fir net noutwenneg?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc  
Député



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)



Sensibilité politique  
Boîte postale 83  
L-7201 Bereldange



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)